



CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG



## MOTIOUN

Lëtzebuerg, de 3. Mee 2022

Dépôt CSV

Martine Hansen

P2 4672.

### Certificatioun vun de landwirtschaftleche Produkter


D'Chamber stellt fest,


- dat eis Landwirtschaft eng immens wichteg Bedeitung huet fir d'Liewensmëttelproduktioun an fir den Erhalt an der Fleeg vun der Landschaft;
- dat dat neit Gesetz e.a. zum Ziel huet, d'Konsumenten besser iwwer d'Liewensmëttelproduktioun hei zu Lëtzebuerg ze informéieren a si fir déi regional a qualitative héichwäerteg Produkter ze sensibiliséieren;
- dat d'Landwirtschaftskummer an hirem Avis drop hiweist, dat de Projet de loi zwar an déi richteg Richtung geet, mee dat den Text awer net wäit genuch geet, fir d'Besoine vum Secteur ze erfëllen;
- dat an verschiddenen Avisen zum Projet de loi drop higewisen gëtt, dat d'Qualitéitscritère net präzis genuch definéiert sinn an d'Regionalitéit vun de Produkter nët staark genug geschützt gëtt;
- erënnert drun, dat 7758 Leit am Joer 2016 Petitioun 668 „Lëtzebuerger Produkter an der öffentlecher Restauratioun“ ënnerschriwwen hunn.


D'Chamber fuerdert d'Regierung op:


- No zwee Joer eng Evaluatioun vum Gesetz duerchzeféieren, fir ze iwwerpräiwen, ob déi am Text definéiert Zieler erreecht goufen;
- fir den Text, am Fall wou d'Ziler net erreecht goufen, am Interêt vun der Landwirtschaft an dem Konsument unzepassen.

\*\*\*

  
Hansen  
Martine

  
Eischen Félix

  
KAES Aly

  
Eischen Ewale